D'Maison du Diabète vun der Lëtzebuerger Diabetesassociatioun ALD asbl, ass eng Struktur, déi individuell Patientebetreiung souwéi e breede Programm vu Coursen an Informatiounen am Grupp ubitt.

Mir siche fir d'Berodung vun eise Patienten

Infirmier an der Educatioun (m, f, d)

(Kollektiv-Vertrag SAS Carrière C5)

CDI 20 Stonne/Woch

Den Infirmier an der Educatioun empfänkt Leit mat enger chronescher Krankheet a gëtt, am Kader vun hirem Kompetenzberäich, Informatiounen a Rotschléi (Therapeutesch Patientebildung ETP) fir de Betraffenen ze hëllefen d'Fäegkeeten ze kréien, déi se brauchen fir sech selwer kënne besser am Alldag ëm hir Krankheet ze këmmeren an esou hier Liewensqualitéit ze verbesseren.

Missiounen:

- Educatioun an Informatioun vu Leit mat Diabetes, hire Familljen a Professioneller aus dem Gesondheetsberäich, an:
  - individuell Berodungen
  - Coursen a klenge Gruppen
  - Informatiounsversammlungen a Konferenzen
- Organisatioun vun de Schoulungsprogrammen
- Organisatioun vun Informatiouns- a Sensibiliséierungsaktioune vun der Maison du Diabète
- Iwwerhuelen vun ufalenden administrativen Aarbechten (Rapporten, Artikele fir d'Zeitung vun der ALD, Aktualiséieren vum Internetsite, Interventiounen an der Press, …)

Profil:

- Infirmier Diplom mat Autorisatioun fir säi Beruff zu Lëtzebuerg auszeüben
- Mënschlech a pedagogesch Kompetenzen an Equippegeescht
- Sproochkenntnisser: Lëtzebuergesch, Franséisch, an Notioune vun Englesch, all aner Sprooch ass e Virdeel
- Gutt redaktionell Kompetenzen an informatesch Kenntnisser
- Verantwortung, Autonomie a Grëndlechkeet bei der Aarbecht

Beruffserfarung a méi déifgräifend Wëssen am Beräich Diabetes sinn e Virdeel.

Aarbechtszäiten: méindes, mëttwochs a freides an no de Besoine vum Service.

Fir weider Informatiounen, mellt Iech um Tel: 48 53 61

D'Kandidaturen (Motivatiounsbréif & CV) kënne bis spéitstens de **15. Juli 2022** geschéckt ginn un:

Association Luxembourgeoise du Diabète asbl.
143, rue de Mühlenbach
L-2168 Luxembourg
oder per Mail un info@ald.lu
www.ald.lu